Nummer 255

Mee 2023



# Kropemann info

d'Informatiounsblat vun der Réidener Gemeng

Bulletin d'information de la commune de Redange/Attert



© Marco KUFFER

www.redange.lu

L-8510 REDANGE/ATTERT
38, Grand-rue
Adresse postale: B.P. 8
L- 8501 REDANGE/ATTERT

# Inhalt


2 Inhalt
3 Wëssenswertes aus der Gemeng
4 Avis de publication - Urbanisme / AVIS
5 Grouss Botz zu Réiden hat vill Erfolleg
6 Police Lëtzebuerg
7 Ëmweltberodung Lëtzebuerg
8 Natur & Ëmwelt
9 Sicona
10 Op der Schock
11 Réidener Musik
12 Porte Ouverte um Bio Haff zu Osper
13 Porte Ouverte vun der Musikschoul Kanton Réiden
14 Amis Footballeurs de la Vallée de l'Attert
15 Happy Birthday, Männerkouer Atertdaul
16 Fraen a Mammen aus der Par Atertdall Sainte-Claire
17 Geburtsdagsfeier zu Réiden/Atert
18 Par Atertdall Sainte-Claire
19 Geschichten aus der Gemeng
20 Porte Ouverte an der Réidener Schwämm





**Druck/Herausgeber:**
Gemeinde Redingen/Attert
Ingrid Brusten, Mouchi Fasbinder, Monique Kuffer, Carlo Nilles, Luc Pauly
**Sekretariat & Layout:** Philippe Faber & Tracé
**Tél.:** 23 62 24-1
**E-Mail:** kropemann@redange.lu

Kropemann-Info erscheint monatlich kostenlos.


Bitte alle Artikel für den «Kropemann-Info» bis zum **12. des Monats 12 Uhr** zukommen lassen.


© Copyright 2023

# Wëssenswertes aus der Gemeng

## INFO

**Sidd dir oder gidd dir dëst Joer 2023 op der Gemeng zu Réiden, bestued oder gepacst?**

**Sidd dir Elteren ginn?**

**Ass ee vun äre Léifste gestuerwen?**

**Wëllt dir eng Foto an de Kropemann-Info setzen?**

**Da schéckt eis se bis den 12. vum Mount op kropemann@redange.lu**

## Manifestatiounskalenner
### Mee 2023

*Den 13. Mee* ass den Gala Concert vun der Réidener Musik am Polyvalent zu Réiden.
- Porte Ouverte um Bio Haff Goedert zu Osper

*Den 20. Mee* Porte Ouverte an der Réidener Schwämm am Kader vun 20 Joer Syndicat Réidener Schwämm.

*Den 22. Mee* ass d'Walversammlung um 19 Auer an der Aula zu Réiden vun der Biergerlëscht „En neien dynamesche Wand fir Réiden".

*Den 23. Mee* invitéieren d'Fraen an d'Mammen aus der Par Atertdall Sainte-Claire op eng Konferenz iwwer Diabetes um 19.30 Auer an d'Aula op Réiden

*De 24. Mee* invitéiert d'Réidener Wanterlaf asbl op hir Generalversammlung um 20h00 zu Osper am Polyvalent

*De 25. Mee* ass d'Walversammlung um 19 Auer an der Aula zu Réiden vun der Biergerlëscht „Engagéiert Bierger fir d'Gemeng Réiden".

*Den 30. Mee* ass d'Walversammlung um 19 Auer an der Aula zu Réiden vun der Biergerlëscht „Réiden23".

## Gemeng Réiden
### Ëffnungszäiten

**all Dag op vun**
**8.00 Auer bis 12.00 Auer**

**a Mëttwochs vun**
**8.00 Auer bis 12.00 Auer a vun**
**14.00 Auer bis 18.00 Auer**

## Containerpark Réiden

**Tél: 26 62 09 13**

***Dënschdes bis Freides***
vun 09.00 Auer bis 11.45 Auer
a vun 13.00 Auer bis 17.00 Auer.

***Samschdes***
vun 09.00 Auer bis 16.00 Auer.

## Offallkalenner

**Mëttwoch, den 3. Mee:** Valorlux
**Freideg, de 5. Mee:** Biooffall
**Mëttwoch, den 10. Mee:** Hausoffall
**Freideg, den 12. Mee:** Biooffall
**Méindeg, de 15. Mee:** Alpabeiersammlung
**Mëttwoch, de 17. Mee:** Valorlux
**Freideg, den 19. Mee:** Biooffall
**Mëttwoch, de 24. Mee:** Hausoffall
**Freideg, de 26. Mee:** Biooffall
**Mëttwoch, den 31. Mee:** Valorlux

## *AVIS DE PUBLICATION URBANISME*

Il est porté à la connaissance du public qu'en sa séance du 12 janvier 2023 le conseil communal a adopté le projet de modification des parties graphique et écrite du plan d'aménagement général (PAG) de la commune de Redange/Attert, concernant des fonds sis à Redange/Attert, au lieu-dit « In der Kourescht » présenté par le collège des Bourgmestre et Echevins.
Le projet de modification en question a été approuvé par Madame le Ministre de l'Intérieur le 28 mars 2023, réf. 56C/019/2022.

Ledit projet est publié et affiché par la présente dans les formes prévues par la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain et en application de l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

Il est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Mention du projet d'aménagement particulier et de sa publication sera faite au Mémorial ainsi que dans le bulletin communal distribué périodiquement à tous les ménages.

*Redange, le 30 mars 2023*

*Pour le collège des bourgmestre et échevins,*
*Le Bourgmestre, le Secrétaire,*

# *AVIS AU PUBLIC*

**Concerne: Route barrée à l'occasion de travaux dans la rue Hobsteltgen à Redange/Attert.**

À partir du lundi, le 24 avril 2023 jusqu'à la fin des travaux, nous vous informons que suivant l'évolution des travaux, l'accès aux immeubles pour les riverains et fournisseurs n'est pas garanti à tout moment.

Tout stationnement/parcage de véhicules est interdit.

Merci pour votre compréhension,
le collège échevinal.



# Grouss Botz zu Réiden hat vill Erfolleg

Jiddereen, dee wëll Hëllefen ass wëllkomm!
D'Aktioun gëtt ofgehal onofhängig vum Wieder. Esou stung op der Invitatioun vun der Gemengeverwaltung Réiden fir e Samschden de Moien, den 1. Abrëll um halwer 9 Auer beim Gemengenatelier ze sinn, fir de Start vun der grousser Botz duerch d'Gemeng Réiden. Trotz dem Reen konnt de Buergermeeschter Henri Gerekens ganz vill Matbierger begréissen an huet hinnen och Merci gesot fir hir ganz grouss Präsenz an och fir hiert fräiwëlligt Engagement. Duerno goufe Pläng mat dem néidigen Geschier verdeelt, wou am ganze 15 Tier duerch di ganz Gemeng virgesi waren, fir alles opzerafen wat vun jeglichem Dreck an der Landschaft onnëtz weg gehäit ginn ass. Géint der Mëtteg gouf et och di verdingte Stäerkung am Gemengenatelier, déi als klenge Merci vun der Gemengeverwaltung Réiden offréiert ginn ass.

(Text/Foto: Charles Reiser)





## DIE VERKEHRSSICHERHEIT BETRIFFT UNS ALLE!

POLICE LËTZEBUERG



„Ständige Vorsicht und gegenseitige Rücksichtnahme" - die laut Straßenverkehrsordnung oberste Regel für die Teilnahme am Straßenverkehr sollte alle Verkehrsteilnehmer bei ihren täglichen Fahrten stets begleiten.

Zu der gegenseitigen Rücksichtnahme gehört, dass jeder Verkehrsteilnehmer - ob motorisiert, nicht motorisiert oder zu Fuß - darauf achten muss, andere nicht zu behindern, zu belästigen oder zu gefährden.

Entsprechende Verkehrsschilder, Straßenmarkierungen und Gehwege tragen zur Verkehrssicherheit bei da sie über die Gefahren, denen wir auf der Straße begegnen können informieren und den Verkehr regeln, indem sie an wichtige Regeln für die Verkehrssicherheit erinnern. Zusätzlich grenzen Gehwege den Raum für Fußgänger vom übrigen Verkehr ab. Dieser Teil der öffentlichen Straße darf und soll nur von Fußgängern benutzt werden.

Die Verkehrssicherheit ist jedoch nur dann gewährleistet, wenn sich jeder Verkehrsteilnehmer an die Regeln hält.

So stellen Fahrzeuge, welche auf Gehwegen oder Fußgängerüberwegen abgestellt sind, eine besondere Gefahr für Fußgänger dar, welche notgedrungen auf die Straße ausweichen.



### SANKTIONEN

Verstöße werden deshalb wie folgt geahndet:

| | | |
|---|---|---|
| Art-166-03 | **49,00 €** | Stationieren auf dem Bürgersteig; |
| Art-166-07 | **74,00 €** | Stationieren auf einem Fußgängerüberweg; |
| Art-166-08 | **49,00 €** | Parken innerhalb von 5 Metern auf beiden Seiten eines Fußgängerüberwegs. |

| STOP | | | | | P |
|---|---|---|---|---|---|
| Art-107-02 **145,00 € und 2 Punkte** | Art-107-05 **145,00 € und 2 Punkte** | Art-107-06 **74,00 €** | Art-107-31 **24,00 €** | Art-107-32 **49,00 €** | Art-107-35 **145,00 €** |

COMMISSARIAT ATERT

(+352) 244 92 1000 police.atert@police.etat.lu

# Ëmweltberodung Lëtzebuerg







# Wespenberater-Netzwerk

**Da der CGDIS seit 2019 nicht mehr zum Abtöten von Wespennestern ausrückt, häufen sich die Anfragen bei der Beratungsstelle von natur&ëmwelt.**

Daraufhin wurde das Wespenberaternetzwerk ins Leben gerufen um die Beratungsstelle bei Wespenfragen zu unterstützen. Hierdurch soll das Verständnis der Bürger für die Wespen erhöht und unnötiges Abtöten von nichtproblematischen Nestern verhindert werden. In vielen Fällen ist das negative Image der Wespen nämlich nicht gerechtfertigt.

Lediglich 2 der 15 in Luxemburg vorkommenden sozialen Wespenarten stellen überhaupt ein Konfliktpotenzial für den Menschen dar. Allgemein sind Wespen sehr nützliche Tiere, sie bestäuben Blüten, jagen Insekten, was sie zu natürlichen Schädlingsbekämpfern macht, und agieren als „Gesundheitspolizei" der Natur. Außerdem werden zum Abtöten von Wespennestern meist Pyrethroide benutzt. Dies sind breit wirkende und langlebige Pestizide, deren Rückstände auch in einer Studie des LIH und der Uni.lu (2022) in den Haaren, in Luxemburg wohnhafter Kinder, nachgewiesen werden konnten. Ihr Gebrauch sollte möglichst vermieden werden.

Anfragen der Bevölkerung zu Wespen gehen über die Wespenhotline oder direkt über die Naturschutzberatung ein. Dann werden sie nach Regionen an einen Wespenberater weitergeleitet.

Das Beraternetzwerk stellt sich aus Freiwilligen, sowie aus Mitarbeitern von Gemeindeverwaltungen, -syndikaten, Naturparks, des CGDIS und der biologischen Stationen zusammen.

**Seit 2017 bietet natur&ëmwelt Fortbildungskurse zum Thema Wespenberatung an.**

Diese dienen der Sensibilisierung und dem Anwerben neuer Berater für das Netzwerk. In diesen Kursen werden den Teilnehmern zuerst Biologie und Verhalten der sozialen Faltenwespen nähergebracht und anschließend wird ausführlich auf die Betreuungspraxis, Beratung und Lösungsfindung im Umgang mit Wespennestern eingegangen.

**WESPENHOTLINE**

**Tel : 29 04 04 – 344**
**Email : berodung@naturemwelt.lu**

**KONTAKT**

**natur&ëmwelt a.s.b.l.**
**5, rte de Luxembourg**
**L-1899 Kockelscheuer**
**Tel : 29 04 04 – 1**
**www.naturemwelt.lu**



Photos: Pexels / Soren Salvatore · Design: mcgraphicdesign.com

**ËNNERSTËTZT EIS SENSIBILISÉIERUNGS- A BERODUNGSAARBECHT**

**natur&ëmwelt a.s.b.l. · CCPL LU50 1111 0511 3112 0000**

Spenden un natur&ëmwelt a.s.b.l. sinn ab engem Montant vun 120 EUR steierlech ofsetzbar.

Spenden via payconic:

# Nature for People
# People for Nature
## Aktivitéiteprogramm Mee - Juni

01.05.2023 - Bissen
**Ausflug an d'Natur & Kultur**
09h00 - Parking « Steenäcker », fin rue de la chapelle, Bissen

06.05.2023 - Ell
**Vullestëmmen - Wat séngt dann do ?**
07h30 - Centre Camille Ney, Ell

11.05.2023 - Schifflange
**Op Entdeckungsrees vun den Amphibien an de Weieren «Heedinger Strachen»**
18h30 - Entrée Heedingerstrachen - Direction Foetz, à côté du „Kraidergaart"

13.05.2023 - Lintgen
**Bongerten, Bëscher, Baachen an hir Bewunner**
09h00 - Parking , rue de l'église, Lintgen

20.05.2023 - Mondercrange
**Vullestëmmen - Wat séngt dann do ?**
07h30 - Parking, rue du Cimetière, Mondercange

20.05.2023 - Colmar-Berg
**D'Natur rondrëm de Lellerhaff an d'Schwaarzbaach entdecken**
09h00 - Centre Culturel, Colmar-Berg

20.05.2023 - Steinsel
**Wëllkraiderwanderung**
14h00 - Waasser Reservoir, montée haute, Steinsel

24.05.2023 - Sanem
**D'Natur am Fréijoer mam SICONA**
18h30 - Ëmwelt- a Bildungszentrum Matgesfeld 2, Matgeswee, Belvaux

07.06.2023 - Schieren
**Wat wiisst a kraucht laanscht eis Weeër ? Weeränner als Liewensraum fir wëll Planzen an Déieren**
17h30 - rue Lehberg, Schieren

08.06.2023 - Mamer
**Ee Spadséiergang duerch d'aarteräicht Gréngland zu Mamer**
18h00 - Parking Entrée «Engelsratter Bësch», route de Koerich, Capellen

10.06.2023 - Mertzig
**Workshop: Hausapdikt aus der Natur**
14h00 - Internat, 8 rue Principal, Mertzig

14.06.2023 - Kehlen
**Aarteschutz am Duerf**
18h30 - SICONA Biodiversitéitszentrum, 12, rue de Capellen, Olm

15.06.2023 - Bertrange
**Spontanflora a Vegetatioun vun den Dierfer- Wat wiisst wëll an eisen Dierfer ?**
18:00 - Parking ARCA - Ecole primaire, Bertrange


18.06.2023 - Reckange / Mess
**Landwirtschaft a Landschaft: Visitt um Bauerenhaff «Kopphaff» mat Trëppeltour**
14h30 - 3a, rue des trois cantons, Wickrange

30.06.2023 - Bettembourg & Leudelange
**Déieren an der Nuecht**
22h00 - Parking écologique, croisement Léiwe-ställchen - CR 186 Bettembourg direction Kockelscheuer

Obligatoresch Umeldung & weider Informatiounen:
**26 30 36 25 / administration@sicona.lu**
Sprooch vun den Aktivitéiten: Lëtzebuergesch
D'Aktivitéiten si gratis!

SICONA
Naturschutzsyndikat


Op der Schock
Am Mee bei eis am Buttek!
Summerplanzen
a frësche Faarwen fir Äre Gaart a Balkon
... OUNI PESTIZIDEN
Selwer gezillt a pestizidfräi
Beplanzung vun Äre Jardinièren
Kompetent Berodung a Verkaf an eisem Buttek:
méindes – freides: 8 -12 / 13 -17 Auer, samschdes: 8 -12 Auer
Op der Schock – Ateliers d'inclusion professionelle
34A, route de Reichlange, L-8508 Redange / Attert
info@ods.lu / Tel.: 26 62 18 81
MADE IN LUXEMBOURG
opderschock.lu
© Foto: Op der Schock / © 2023 Design by mowall Creative Agency www.mowall.com


RÉIDENER MUSIK
invitéiert
Gala
Concert
2023
Direktioun: Ernie Hammes
13 MEE 20H00
ZU RÉIDEN
CENTRE POLYVALENT
RESERVATIOUN: 621 150 560
OWESKEES: 12€


Gudd Nosperen
Asbl
Osper Räichel Elz
13 MAI
DT OSPER
Porte Ouverte
Bio Haff Goedert Ospern.
10h00 -01h00
Haff besichtigen
Oldtimer Ausstellung
T´Charly´s oil
Grill & Gedrënks & Annimatioun


MKR
Musikschoul Kanton Réiden
PORTE
OUVERTE
SAMSCHDES, 10. JUNI 2023
12H00-15H00
PRESENTATIOUN:
• VUN DEN INSTRUMENTER
• ASCHREIWUNGEN OP DER PLAZ
CONCERTE VU MUSIKEN AUS DEM KANTON RÉIDEN
13H00-18H00
FIR IESSEN A GEDRÉNKS ASS GESUERGT
WWW.EMCR.LU
École de Musique
du Canton de Redange
1, rue du Lycée · L-8508 Redange/Attert
Tél: 23 62 08 76 · info@emcr.lu



**Amis Footballeurs** de la Vallee de l'Attert

A.F.V.A.

*vous invite à leur*

# STAGE DE FOOTBALL D'ÉTÉ 2023

pour gardiens de but et joueurs de champ

du lundi, 31 juillet au vendredi, 4 août 2023

| Horaire | Manifestations | Localisations |
|---|---|---|
| 09h00 | Rendez-vous | Vestiaires à Bettborn |
| 09h30 – 11h00 | Entraînement à thème | Terrain synth. |
| 11h00 – 12h00 | Ateliers techniques / Piscine U13/U15 | Terrain synth. / Redange |
| 12h30 – 14h00 | Repas chaud – pause | Centre Culturel "Fabrik" |
| 14h00 – 15h30 | Entraînement à thème / Concours | Terrain synth. |
| 15h30 – 15h45 | Repos et collation | Terrain synth. |
| 15h45 – 17h00 | Matchs | Terrain synth. |

Catégorie d'âge: 7 à 16 ans

**Inscription par site internet (QR-Code) et par virement bancaire sur le compte AFVA:**
**Code BIC: BCEELULL ; Code IBAN:**
**LU30 0019 5155 5973 7000**

**Prix pour un participant: 250€ (Shirt, short et bas inclus)**
**Prix par personne à partir de 2 participants: 230€ (Shirt, short et bas inclus)**

Contact responsable de l'AFVA:
Tél: 621 286 754
Mail: info@afva.lu




## *Galaconcert war e vollen Erfolleg*

Wann ee Gebuertsdag feiert, ass et de Brauch, dat och Besuch invitéiert gëtt, fir och zesummen kënnen ze feieren. Esou hat de Männerchouer Atertdaul am Kader vu sengem Galaconcert mam Thema „Queesch duerch Europa" am Kulturzenter zu Foulscht, de Männerkouer Béiwen/Atert invitéiert, fir de 25.Gebuertsdag och würdig ze feieren. Ronn 540 Gesangliebhaber waren der Aluedung vum Männerkouer aus dem Kanton Réiden nokomm an hunn wärend e puer Stonnen, di zwee Owender flott Melodien zu Ouere kritt. No der Begréissung vum Marie-Anne Kugener-Goethals, war et och un hir fir de Programm vum Männerkouer Atertdaul verbonnen mat hirem gewinnten Humor a Witz, virzestellen, déi hirt Kënnen och mat bekannte Melodien ënnert der Leedung vun hirer Dirigentin Adriana Mitù, mam Christian Simon um Piano an dem Benoît Schmeler op der Perkussioun, och beschtens bewisen hunn.

Den zweeten Deel vum Owend war dem Männerchouer Béiwen/Atert virbehal, wou d'Moderatorin Berthe Elsen-Melkert deene villen Zuhörer och e gefällige Programm mat schéine Melodien konnt presentéieren. Begleet sinn d'Éieregäscht vu Béiwen/ Atert vum Christiane Parries-Schiltz um Piano. Direktioun vum Chouer hat Marguerite Thomé-Schmit iwwerholl. Beim drëtten Deel vum Gala-Concert hunn di zwee Chéier dunn zesummen nach e flotten Gesangprogramm presentéiert, deen och no e puer vum Publikum gefuerdeten Zugaben mat vill Applaus e würdigen Ofschloss fond huet. Zum Schluss huet de Claude Mathekowitsch am Numm vun den Gesangsfrënn vu Béiwen/Atert dem Männerkouer Atertdaul ganz häerzlich zu ihrem 25. Gebuertdag gratuléiert an hinnen alleguerten och eng erfollegräich Zukunft gewënscht. Bleiwt ze bemierken, dass e puer Sänger souwéi och de President Marc Sauber krankheetshalwer leider di zwee Owender nit konnten derbäi sinn. Di vill Gäscht hun sech di schmackhaft Assiette am Ufank vun den Opféierungen och gutt schmaache gelooss.

(Text/Foto: Charel Reiser)

D'Fraen a Mammen aus der Par Atertdall Sainte-Claire invitéieren iech all ganz häerzlech op eng

# *Konferenz*

mam **Dokter Christian Schmit**

zum Thema **Diabetes**

**23. Mee** um **19:30** Auer

an der **Aula** zu Réiden

Den Entrée ass fräi!



© Charles REISER



## *20 Jubilaren am HPPA vu Réiden*

Et ass fir d'éischt no dräi Joer Pandemie-Paus dass mir hei am «HPPA» zu Réiden/Atert erëm zesumme mat de Familjen eis Jubilaren zu hirem Geburtsdag kënne feieren. Dat waren d'Wierder vu Wëllkomm vum Home-Direkter Dany Oestreicher, deen allen 20 Jubilaren vun de Méint Dezember, Januar a Februar am Numm vum Réidener Altersheem, seng allerbescht Gléckwënsch am festlich gerëschte Sall, duerfen ze iwwerbréngen. Eng Coupe Schampes an e Stéck vum grousse Gebuertsdagskuch hunn bei dëser agreabler Feier och nit gefeelt. Op di flott Musik vum Entertainer Top-Sound ass wärend e puer Stonnen och gutt gedanzt a gesonge ginn.

Mat engem praktische Kado si folgend Jubilare geéiert ginn, wärend déijéinig mat enger ronner Zuel och nach eng schéi Rous derbäi iwwerreecht kritt hunn. Mount Dezember: Marthe Mores-Befort (91 Joer); Maria Lucienne Binsfeld-Peiffer (84); Aloyse Theischen (91); Aline Colas-Kieffer (77); Emil Peller (90) an Viviane Schiltz (63). Mount Januar: Suzanne Mores-Schleich (99); Marie-Josée Bissen (69); Pierette Mersch-Rach (90); Marie Majerus-Derneden (97); Maria Rausch-Wallig (79) an Ketty Elsen (85). Mount Februar: Clemy Salentiny-Wirth (89); Sr. Benedikta (79); Elise Clesen-Theisen (91), Irène Bissen-Bormann (75); Léonie Schoder-Tintinger (92); Resie Reisen (84) an Maria Brack-Muller (86).

(Text/Foto: Charles Reiser)

Parœcia Atertdall

## Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES: Tel: 23 62 10 53** / atertdall@cathol.lu
**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES tél. 621 686 102**




Léif Leit,

**De PILGERDAG fir d'Par Atertdall Sainte-Claire & d'Par Rammerech Saint-Valentin ass mëttwochs, den 10. Mee 2023. Mir gin an der Prëssioun op der Place Clairefontaine fort um 17.45 Auer. D'Pilgermass ass um 18.00 Auer an der Kathedral.**

Mir als Par fueren zesummen mam **PILGERBUS** an d'Oktav.

Treffpunkten sinn:

1) 15.45 Auer Bettborn - Busstatioun „Gemengeplaz" op der Haaptstrooss
2) 16.05 Auer Réiden bei der Kierch, Place Bian
3) 16.25 Auer Schweebecherbréck - Busstatioun (Park & Ride)

Mir sinn fir 21.00 Auer erem zréck. Départ ab Kathedral um 20.00 Auer.
Den Onkäschtebäitrag ass 8 € / Persoun. *(gin am Bus bezuelt)*
**Meld iech w.e.gl. am Parbüro: Tel: 23 62 10 53 bis de 25. Abréil.**

OCTAVE LUXEMBOURG

Chers paroissiens,
La messe des pèlerins pour notre paroisse sera célébrée **mercredi, 10 mai 2023. Nous irons en procession de la Place Clairefontaine à 17.45h** vers la cathédrale.
La messe sera célébrée **à 18.00h à la cathédrale**.
Nous organisons un **BUS DE PÈLERINAGE.**

Itinéraire du bus:

1. 15.45h Bettborn - station bus - rue principale (près de l' îlot dans la route)
2. 16.05h Redange près de l'église
3. 16.25h Pont de Schwebach - station bus (Park & Ride)

Nous serons de retour vers 21 heures. Les frais s'élèvent à 8€ / personne.
**Veuillez vous inscrire au bureau paroissial au tél: 23 62 10 53 avant le 25 avril.**

---

D'Fraen a Mammen aus der Par Atertdall Sainte-Claire invitéieren iech all ganz häerzlech op eng
**Konferenz** mam **Dr. Schmit Christian** zum Thema **Diabetes**,
Dënschdes, den **23. Mee** um **19:30** Auer an der Aula zu Réiden.

Action Catholique des Femmes du Luxembourg

---



**Aluedung op d'Willibrordusfeier zu Randschelt**

**Päischtsonndig, den 28. Mee**

**Mass zu Éier vum Hl. Willibrord um 15.30 Auer**

No der Mass invitéiert d'Waler Kierch asbl op den Owesdësch.
Zervéiert gin hir traditionell Hameschmieren
an als Dessert Kuch an Taart.
Reservatioun w.e.gl. beim Anny Mausen Tel: 691 584 989 oder
per Mail beim Edith Wagner edith1967@pt.lu bis de 25. Mee 2023.

## *Fortsetzung aus dem Kropemann-Info Abrëll.*

## *Osper, a säi Schutzpatroun, den hellëgen Remigius.*

*Den Engel sot zum Eremit, dass hien rëm géif gesinn, a seng Blannheet géif verschwannen, wann d'Mamm vum klenge Remigius, deem ugekënnigten Hellëgen, seng An mat hirer Mëllech wäsche wäerd. Alles wat den Engel Gottes ugekënnigt hat ass genau sou agetraff.*

*Wéi de Remigius lues a lues aus de Kannerschong rausgeklomme war, ass hien an d'Welt ausgezunn a goung an eng Klaus. De Ruff vu senger Hellëgkeet ass sou haart iwwerall erklongen,dass d'Vollek hien eestëmmeg zum Bëschof vu Reims auserwielt huet.*

*De Remigius war sou ,,sanftmutig" dass d'Villercher vum Himmel souguer op säin Dësch geflu sin wann hien amgaange war mat iessen, an si hunn him souguer d'Grimmelen aus senger Hand gefriess. Zu dëser Zäit war de Chlodwig, de Kinnek vun de Franken, awer nach een Heed.*

*Hien hat zwar eng chrëschtlech Fra, déi och ganz fromm war, awer et ass hir laang Zäit nit gelonge fir hire Mann zum Chrëschtentum ze bekéieren. Wéi lo awer d'Allemannen mat sou enger gewalteger Muecht an d'Land agefall waren,do huet de Kinnek Chlodwig vun de Franken, feierlich ee Gelübnis ofgeluecht, dass wann de Chrëschtegott him géif hëllefen ze gewannen, hie sech a säi Vollék, sech dann zum Chëschtentum géifen bekennen.*

*An et ass sou geschitt wéi hie sech et erbiet hat, an hien huet de Krich géint d'Allemanne gewonnen. Direkt ass de Kinnek du bei de Remigius op Reims gaang, fir sech do nach op der Plaz deefen ze loossen. Wéi si awer lo bei den Dafbecke komm sinn, war kee Chrysam do fir de Kinnek ze sallefen. Dunn huet sech den Himmel opgedunn, an eng Dauf koum vum Himmel rof, déi an hirem Schniewel e Gliessche mat deem hellëgen Ueleg, dem Chrysam, gedroen huet, wouraus de Kinnek du konnt vum Hl.Remigius gesalleft ginn.*

*D'Gliesschen awer, déi sougenannten ,,Ampull"gouf bis zur Franséischer Revolutioun an der berümter Abtei ST. Remy opbewaart, an ass och duerch Joerhonnerte bei der Kréinung vu sämtliche franséische Kinneke benotzt ginn.*

*Den hellëge Remigius ass an der Osper Kierch um Héichaltor, deen aus dem Joer 1683 stammt, duergestallt wéi hien de Kinnek vun de Franken, de Chlodwig deeft.*

*Vum J.P. Conzemius, eise fréieren Här Dechen, sinn ech gewuer ginn, dass den Tuurm vun der Kierch aus dem 11 Jorhonnert ass, a gouf fréier als Verdeedigungsturm genotzt. D'Kiercheschëff gouf am Joer 1543 fäerdiggestallt, an am Joer 1928 koum deen Deel no Norden hi mat der Sakristei (1952) nach derbäi.*

*D'Plaz, wou déi Osper Kierch steet, gëtt schonn zënter Mënschegedenken als Ubiedungsplaz genotzt.*
*Warscheinlich gëllt dëss Ubiedungsplaz als eng vun den eelsten hei am Lëtzebuerger Ländchen.*
*Dëst soll eis mol ze denke ginn, an ze iwwerleeën, wat fir ee schéine a wäertvolle Schaatz mir an eisem klengen Dierfchen OSPER hunn.*

***Geschriwwen a fräi an d'Lëtzebuergescht iwwersat vum CORDIER PATRICK***

# Porte Ouverte

## SAMSCHDEG 20. MEE

**Vun 10-20 Auer - Gratis Entrée**
**Animatioun fir Kanner & Barbecue**

## SAMEDI 20 MAI

**De 10h-20h - Entrée gratuite**
**Animation pour enfants & grillades**

20 Joer

SYNDICAT INTERCOMMUNAL
**RÉIDENER SCHWÄMM**



reidener-schwemm.lu

réidener schwämm